



Steiertransparenz

Pressekonferenz vum Premierminister Xavier Bettel an dem Finanzminister Pierre Gramegna

Date : 06.11.2014

10h30

Durée : 14 min

Xavier Bettel: Dir Dammen, Dir Hären, Lëtzebuerg ass haut an der internationaler Presse Sujet, dat brauch ech jo kengem ze verstoppen, mat engem Sujet wou mir och ëmmer méi dacks drop ugeschwat ginn.

An ech wëll direkt schonn als Introductioun soen, an ënnersträichen, datt déi hei Regierung um Wee ass vun der Steiergerechtegkeet, a vun der Transparenz, an esou wéi Dir lech erënnere kënn, hat ech direkt an deenen éischte Wochen mäin éischte Conseil zu Bréissel, wou et och iwver d'Direktiv épargne gaangen ass, a wou mir och e puer Wochen drop den Accord ginn hunn.

Ech ginn elo net an den Detail vun de Vote vun dëser Woch, a vun deem wat geschitt ass säitdem dës Regierung am Amt ass. Do kann den Här Gramegna och méi an den Detail goen.

Ech wëll awer direkt ënnersträichen, datt déi Rulingen esou wéi se zu Lëtzebuerg gemaach gi sinn, am Accord si mat internationale Regeln, an nationale Regeln. Ech sinn doutsécher net begeeschtert iwver dat Bild wat vu Lëtzebuerg zirkuléiert an de Medien déi lescht Stonnen. An et ass un eis zesummen ze weisen, datt déi Efforten, déi déi lescht Méint och gemaach gi sinn, nodeems déi Dier opgemaach ginn ass vun der virëschter Regierung, fir an déi Richtung ze goen, och déi Richtung ass, déi dës Regierung weider geet.

Ech wëll do och dem Pierre Gramegna Merci soen, deen ech - och wann e kritiséiert ginn ass vun deem engen a vun deem aneren, wou hien direkt den éischten Dag gesot huet, datt hie sech vill Zäit géif huelen, a beschäftegt wier fir mat der Transparenz, an och déi politesch Volontéit hätt an déi Richtung ze goen - ënnerstëtzen. Dat war och déi richteg Pist, an dat wëlle mir och dofir - och d'Kollegen, d'Regierungskollegen, déi hei sinn - dat och ënnersträichen, datt d'ganz Regierung hannert där Haltung och steet. An dofir ginn ech elo dem Finanzminister Pierre Gramegna d'Wuert.

Pierre Gramegna: Merci Här Premierminister. Dir Dammen an Dir Hären, déi Informatiounen, déi haut um Internet ze gesi sinn, hunn natierlech e Lien mat der Prozedur vun den Décisions anticipées, déi mir hei zu Lëtzebuerg praktizéieren.

Ech wëll fir d'éischt emol ënnersträichen, datt et déi Prozedur vun den Décisions anticipées, op englesch Ruling genannt, a ganz ville Länner gëtt, dat ass keng Spezialitéit vu Lëtzebuerg, dat gëtt et a ganz ville Länner an Europa, a ronderëm d'Welt.

D'Kommissioun gesäit d'Pratique vun de Rulingen als eng Pratique, déi u sech konform ass zu de Regele vun Europa, an en fait den Entreprises eng Certitude an eng Prévisibilitéit gëtt, an an där Hisiicht fënnt d'Kommissioun dat och u sech eng positiv Saach.

Et ass elo esou datt eng Rëtsch vun deenen Décisionen elo hei publizéiert gi sinn. Mäin éischte Kommentar am Numm vun der Regierung ass, datt wat d'Rulingen ubelaangt, d'Administration des contributions jo da konfirméiert wat fir eng Gesetzer applicabel sinn. An ech kann lech soen, datt d'Administration des contributions dofir suert, datt eis national Gesetzer an d'international Konventionen regelrecht applizéiert ginn.

Dat heescht, eis Pratique vun de Rulingen ass kompatibel net nëmme mat der nationaler Gesetzgebung, mä mat och mat allen internationale Regeln déi et gëtt, ob dat ass um Niveau communautaire oder um Niveau vun der OCDE.

D'Resultat vun dem heitege Recht, wéi mir et haut kennen, den Droit positif deen et haut gëtt, den État de droit deen et haut gëtt, bréngt mat sech, datt Situatiounen sech stellen, wou d'Entreprises a kengem Land bal Steiere bezuelen, oder ganz niddereg Steuersätz. Dat ass eng Évolutioun, déi sech an de leschte Joere verstärkt huet.

Et gëtt elo vun optimisation fiscale geschwat. Eh bien, déi optimisation fiscale déi mat sech bréngt, datt d'Entreprise bal keng Steiere néierens bezuelen, fanne mir als lëtzebuerger Regierung net gutt. An ech sinn iwwezeegt, datt de lëtzebuerger Steuerbierger dat och net gutt fënnt. A mir hunn eis engagéiert, déi nei Regierung, an ech mengen och schonn déi aner, an engem gewëssene Mooss, fir ze soen, datt dat eng Situatioun ass, déi net akzeptabel ass.

Nun kann ee Lëtzebuerg éischtens emol net virwäerfe wa et seng Regeln einfach anhält. Et ass och esou datt déi Rulingen nëmme méiglech si wann aner Länner dat matmaachen. Et ass jo esou datt de Ruling sech applizéiert op eng Gesellschaft, déi jo an engem Herkunftsland ass, an dat anert Land jo informéiert gëtt. Et ass also net esou wéi wa Lëtzebuerg alleng, net nëmme Rulinge mécht - dat ass net wouer - mä et ass esou datt Lëtzebuerg hei an engem internationale Netz täteg ass, wat déi aner Länner alleguer kennen.

An dofir ass d'Responsabilitéit fir heigéint ze agéieren, datt d'Entreprises néierens Steiere bezuelen, dat ass eng Responsabilitéit vun alleguer de Länner, et ass net nëmme eng Responsabilitéit vu Lëtzebuerg. Et ass och eng Co-Responsabilitéit vun den Entreprises selwer, déi déi Optimisatioun virhuelen.

Anescht ausgedréckt, et kann ee fannen, datt wéi den Droit haut ass, dat net an der Rei ass, datt e muss nogebessert ginn. An dës Regierung ënnerstëtzt déi Efforte fir datt den Droit soll nogebessert ginn, an d'Situatioun soll anescht ginn. Dat maache mir op ville Plazen.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Initiativen an der OECD, an der Initiativ, der sougenannte BEPS Initiativ, do si mir proaktiv mat dobäi, mir begleeden dat, a mir fannen datt do Handlungsbedarf ass. Mir maachen dat och um Niveau vun der Union européenne. Ech hunn am leschte Juli zougestëmmt am Numm vu Lëtzebuerg, datt déi Direktiv Mère-filiales soll amendéiert ginn. Dat gëtt elo an deenen nächste Méint transposéiert. Déi Direktiv Mère-filiales ënnerbënnt justement eng ganz Rëtsch vun deene Rulingen, wéi se haut kënne gemaach ginn, well dat haut als net méi ethesch vertrieubar, oder moralesch vertrieubar virgestallt gëtt.

Lëtzebuerg huet also changéiert. Lëtzebuerg geet a Richtung vun enger Transparenz, an huet zesumme mat den anere Länner vun der EU am leschte Juli do e bësse Pionéieraarbecht gemaach, well en fait ass d'EU do Virreider.

Muer am Ecofin deen zu Bréissel stattfënnt, gëtt och am Domaine vun der Direction Mère-filiales eng Dispositioun iwwer den Abus an deem Domaine diskutéiert. An ech kann lech elo scho soen, datt Lëtzebuerg wäert där Direktiv zoustëmmen. Dat wäert en Impakt op eis Praktiken hunn, mä mir huelen dat a Kaf, an hu fonnt - et ass net nëmmen datt mir et a Kaf huelen - mir fannen datt dat muss changéieren. Mir sinn also proaktiv dobäi déi Efforten um Weltniveau an um europäeschen Niveau ze ënnerstëtze fir datt déi Situatiounen, wéi mir se elo kennen, sollen ënnerbonne ginn.

Ech wëll och drop hiweisen, datt mir scho ganz vill an deene leschte Méint a Wochen an deem Kontext geschafft hunn. Mir hunn dës Woch de secret bancaire zu Lëtzebuerg à partir vum 1. Januar 2015 ofgeschaaft. Mir maachen à partir vum 1. Januar 2015 échange automatique d'informations, dat ass fir eis e risege Paradigmewiessel.

Ech hunn d'lescht Woch zu Berlin en Accord ënnerschriwwen, wou mir zesumme mat europäesche Länner an anerer, eis engagéieren op den 1. Januar 2017 den échange d'informations net nëmmen op Zënsrevenue auszetausche mat deenen anere Länner, mä alleguer d'Revenue, an zwar net nëmmen an der EU, mä mat alle Partner aus der OECD. Dat heescht, do kréie mir e Weltstandard, a Lëtzebuerg ass bei deenen alleréischte Länner déi sech engagéiert hu fir dat ëmzesetzen.

Ech wëll awer och insistéieren, datt mir am Domaine vum Forum mondial, am global Forum am Laf vun dësem Joer ganz séier gehandelt hunn, fir vun där schwaarzer Lëscht, wou mir drop sinn, erof ze kommen. Dat war eng dramatesch Saach, datt mir op déi Lëscht iwwerhaupt komm sinn. A mir hu misse ganz vill Gesetzer ännere fir elo parat ze sinn. Mir si säit gëschter parat fir eng Réévaluation beim Forum mondial ze froen. Mir hunn doduerch missen d'Konventioun vun der OCDE iwwer d'entraide mutuelle administrative ratifizéieren, dat hu mir am Mee gemaach. Mir hunn d'actions à parts au porteur am Juni nei geregelt zu Lëtzebuerg, wat e ganz wichtege Punkt war. Déi mussen elo enregistréiert ginn, an zwar an engem ganz kuerzen Delai. A virgëschter hu mir eis Gesetzgebung a Saache Prozedure fir den échange d'informations sur demande moderniséiert am Sënn datt déi Prozeduren och efficace sinn, a wierklech gräifen, an net nëmmen e formellt Gesetz sinn.

Wann een dat also alles zesammenzielt, gesäit een datt déi Regierung hei sech wierklech fir Transparenz agesat huet, an dat wäert se och an Zukunft maachen, a vläicht nach verstärken an accélérieren. A mir setzen eis natierlech och a fir Steiergerechtegheet. Et geet net datt nëmmen de Bierger soll Steiere bezuelen, d'Entreprise mussen dat natierlech och op eng gerecht Aart a Weis. Ech soen lech Merci!

Paul Konsbruck: Mir hunn net vill Zäit fir Froen, mir géifen awer e puer Froen entgéint huelen, well den Här Gramegna muss op den Ecofin. Max Theis.

Max Theis: Dat heescht ënnert der aktueller Regierung ass keen esou e Ruling ausgehandelt ginn? Kann een dovunner ausgoen?

Pierre Gramegna: Jo, also fir d'éischt emol, mir applizéieren haut, och nach 2014 d'Gesetzer wéi se haut sinn. An et kann ee fannen, datt déi Gesetzer haut net méi zäitgeméiss sinn, a vläicht zu Situatioune féieren, déi net wünschenswäert sinn, mä déi Gesetzer déi mir haut applizéieren, dat ass eng Foto, dat sinn déi, déi et an deene leschte Joere ginn huet. D'Transformatioun ass eréischt am Ufank.

Ech hu virdu vun der Direktiv geschwat, Mère-filiales, déi ass am Juli adoptéiert ginn, muer gëtt eng aner adoptéiert. Et ass iwwee dee Wee wou een déi international Regele ka changéieren. Et ass jo net esou datt d'lëtzebuerger Gesetz dat do alleng erméiglecht. Et ass d'Conjunctioun vun den internationale Gesetzer, mat dem lëtzebuerger Gesetz, a mat den nationale Gesetzer vun deenen anere Länner, déi et de Rulingen erlaben op esou Resultater ze kommen.

Paul Konsbruck: Weider Froen?

Pia Opper: Ech hätt zwou Froen. Déi eng ass, Dir hutt gesot, mir hunn eis un national Regeln gehalen. Datt mir an der Kritik stinn, ass jo awer net grad datt eng eenzel Persoun dat Pi mal Daumen decidéiert huet. Wat sot Dir zu där Kritik, och wann dat elo haut besser ass, mä réckwierkend, huet Lëtzebuerg sech do net korrekt verhalten?

An déi aner Fro. Mat deene villen Dokumenter déi elo public sinn, muss een net fäerten, datt d'EU-Kommissioun effektiv erausfënnt, datt net all Tax-ruling d'selwecht ass, an datt mir massiv veruerteelt gi wéinst illegaler [inaudible]?

Pierre Gramegna: Also zum éischte Punkt huet dës Regierung, an en particulier dann ech als zoustännege Minister, dofir gesuert datt effektiv d'Personal an der Administration des contributions verstärkt ginn ass fir datt d'Rulinge sollen esou sérieux wéi méiglech gekuckt ginn. Ech sinn och dofir relativ vill attackéiert ginn, well d'Rulinge méi lues erausginn. Mä dat ass eng Saach, déi ech assuméiert hunn.

Zum zweete Punkt. Mir hunn eis engagéiert datt mir géinge mat der Kommissioun voll zesumme kooperéieren, a mir wäerten eis och dorunner halen. Dat gëlt fir déi Affären déi en cours sinn, an dat gëlt dann och fir dat wat haut eben op den Internet komm ass. Et muss ee kucke wéi d'Kommissioun sech dozou verhält. Mä mir wäerten natierlech mat der Kommissioun doriwwer schwätzen, a mat der Kommissioun do kooperéieren.

Paul Konsbruck: Eng lescht Fro, Lucien Montebusco vum *Tageblatt*.

Lucien Montebusco: D'Kommissioun huet awer kritiséiert, datt Lëtzebuerg net all Dokument géif erausginn, dee si gefrot hunn. Ännert dat elo eppes un Ärer Attitude, nodeem datt dat hei elo alles publizéiert ginn ass?

Pierre Gramegna: Also et ass esou datt mir als Regierung zum Prinzip geholl hunn, datt mir an der Kooperatioun mat der Kommissioun voll dobäi sinn, wann et em eenzel Fäll geet. Dat ass eis Positioun. Mir sinn der Meenung datt d'Attitude vun der Kommissioun fir alleguer d'Décisions anticipées vu Lëtzebuerg iwver all déi Joeren ze froen, datt dat iwver d'Kompetenzen an d'Rechter vun der Kommissioun geet. Dat läit virum Geriichtshaff, an dat ass eng Interpretatioun vum Droit, déi weder d'Kommissioun nach mir kënne tranchéieren. Dofir hu mir eng Cour européenne de justice.

Ech wëll nach just soen, datt mir och alles wäerten drusetze fir déi nei Regeln, déi wäerte kommen, ech hu vun zwou Direktive geschwat, d'Direktiv iwver de Mère-filiales vum Juli, an déi déi muer soll am Ecofin adoptéiert ginn iwver d'Direktiv Mère-filiales Mesures anti-abus. Mir wäerten alles drusetze fir datt Lëtzebuerg dat éischt Land ass, wat dat an d'nationalt Recht wäert transposéieren, well mir mengen dat sérieux mat der Transparenz, a mat der Steiergerechtegkeet. Ech soen Iech Merci!

SIP/06.11.2014